Den Numm „Éimaische" mécht äis keng Onz Kappbrieches, 't as en „Emmaus-Maart" a soss näischt, ma wéisste mer gutt, wéini dee Maart entstan as. 'T huet eng Kéier een e Buch geschriwwen, wouran en eng Éimaischen am Joër 1255, also zur Zäit vum Grof Hari dem Fënneften, beschreift, ma dee Mann huet alles gegleeft, wat e selwer erfond huet. 'T as nömme schued, 't hun anerer dat fir bor Mënz geholl. Esou fënt een déi Seechen dann esouguer an enger Nouspelter Broschür erëm. 'T huet deemols an der Stad nach keng Aulebäckerzonft gin, geschweig nach eng Éimaischen. 'T as knaps unzehuelen, datt mer äis virun de Statute vun 1517 sollten en Aulebäckeschmaart erwaarden, wou d'Theobaldusbrudderschaft nach nët bestan huet.

En Tour iwwer d'Éimaischen

Dee Maart fällt op Ouschterméindeg, well deen Dag d'Aulebäcker mateneen an d'Mechelskiirch an hir Zonftmass gin an duerno gët dobausse verkaaft. Déi Gewunnecht as knaps virun der Zonft opkomm. Ma datt s'op Emmausdag grad sech opdeet, dat muss nach op aner Plaze gewiescht sin, well d'Kiirch ernimmt nët fir näischt deen Dag am Brevéier d'Handwierk vun den Aulebäkker. Wie grad en ale Brevéier bei Hand huet, dee kann et an der Mueresliesong nopréiwen; 't as e Saz aus enger Priedegt vum hellege Gregorius. Fir wat grad dann? Dat fanne mer natiirlech nët méi eraus, ma op alle Fall huet et hei eng Aulebäckeschmass op Ouschterméindeg gin. Nëmme grad - eng Dëppebäckeschmass op Emmausdag as nach keng Éimaischen. Déi zwéin al Regëstere vun der Theobaldusbrudderschaft schreiwen all méiglech houfestlecht Gedeessems op, iwwert all Zonftmasse wësse mer Bescheed, jhust vun der Éimaische könnt kee Pipjeswuurt op de Pabeier. Eist Staatsarchiv huet e ganze Koup Maartstatistiken aus der Éisträicherzäit an aus der Fransousenzäit, ma néierens begéine mer do eis Éimaischen, och nach nët am Napoléon séngem grousse Maartdekret vun 1808. War eise Määrtchen duurch d'Fransousekricher ganz op den Hond komm oder war en ëmmer esou klinzeg gewiescht, datt emol d'Bruddermeeschtere vum hellegen Theobald et nët fir néideg fond hun, driwwer ze schreiwen? Oder gouf et eise Krommäärtchen deemols nach guer nët? Mir hu besser äis do nët ze verheeschen. 'T läit sécher no, datt eng Zonftmass och e Maart unzitt, an eng Aulebäckeschmass an der Dominikanerkiirch och en Aulebäckeschmäärtchen op der Plaz virdrun, ma fir dat schwaarz op wäiss ze kréien, do musse mer nach e Strapp waarden. Déi éischt offiziell Maartkorrespondenz iwwer d'Éimaischen as e Bréif vum Polizeikommissär Jhemp Müllendorf un de Schäfferot vun der Stad vum 3ten Abrëll 1827:

„Nobles et honorables seigneurs"

„Le lundi de Pâques se tient une petite foire, principalement en poterie, en face de l'église Saint-Michel, et elle y attire un grand rassemblement de monde, surtout d'enfants. Quoique la rue soit large en cet endroit, le passage s'est trouvé obstrué ce jour et quoique ce ne soit plus jour de fête, l'office divin se fait comme autrefois dans la susdite église. Par conséquent ce rassemblement de monde et le tumulte qui en est inséparable, sont très indécents en ce lieu. Je proposais donc à vos seigneuries de transférer cette foire sur la grande Place du Marché-aux-Poissons qui réunit en elle-même tous les avantages de la sûreté publique, la liberté des passages et un plus grand éloignement de l'église. On pourrait au besoin, pour prévenir les disputes que la cupidité de certaines personnes y fait souvent naître, pour occuper la première place, en faire la distribution la veille."

Esouwäit de Polizeikommissär, an de Buurgermeeschter huet gläich geäntwert, schons de 6. Abrëll. Hie gët séngem Polizeichef an allem Recht. „Nous vous autorisons pleinement à prendre toutes les mesures que vous jugerez convenables pour la tenue de la foire d'Emmaus". Och d'Äntwert as fir äis Gold wäärt: Domat wësse mer nët nëmmen, wéini den Aulebäckeschmaart vun der Méchelskiirch erop op de Fëschmaart komm as, ma och nach, datt en du schons Éimaische geheescht huet. De 16. Abrëll 1827 ganz genee as eis Éimaischen also fir d'éischt do gehal gin, wou se haut nach as. Et war du schons nët nëmmen eng reng praktesch Aulebäckeschfouer, ma 't si besonnesch schons vill Kanner drop komm. Si kruten do méi ewéi sécher Spillsaache kaaft, a wat keeft ee schons vu Spillgezei beim Aulebäcker? Ongefëier dat, wat den Dicks 1883 a sénge Lëtzebuerger Gebräicher fir d'éischt genee opzielt: „Péckvillercher" natiirlech, „Spriddelcher", „Léinefässercher" a „Wäiraachen". Am ganze 19. Jorhonnert huet d'Émaischen also knaps hiirt Gesiicht gewiesselt, ma nëmme jhust hir Plaz. Mat hirem Spillgeschir kann et eréischt lues a lues biergofgaang sin, wéi zu Nouspelt d'Iewen ëmmer manner gebak hun. Bis zum 14ter Krich ongefëier konnten d'äärde Spillsaachen op deen ale Schlag nach duerhalen; duerno huet méi a méi auslännesch Wuer

missen hierhalen, well duerno as ëmmer 20 Joër laang kee Lëtzebuerger Péckvull méi gebak gin.

Zënter dem Véierzengter Krich si vu Jor zu Jor manner Leit op Ouschterméindeg d'Fleeschiergaass eraspadséiert. 'T gouf och wiirklech ëmmer manner do gebueden; vum richtegen Aulebäckeschmaart konnt och nët gutt vill Rescht sin. Et gouf fir unzefänken emol keng „Hänsercher" méi: keng volläärde Päifen. Souvenirstase mam Numm drop „Freieschtasen", déi een der Gefuedesch konnt schenken, déi hun et vläicht bis 1900 gepackt. Déi Zort Éimaischen - déi Zort Cadeau wuelverstan - huet sech du ganz ausgelieft. Wéinst de Kanner sin nun awer nach Geschäftsleit op d'Iddi komm, fir Péckvillercher vu baussen eranzeschlefen; Nouspelter goufen et keng méi, ma 't koumen dër ëmmer nach aus der Äifel. 'T waren nët déi allerschéinst: 'T ware wäiss oder faarweg ugestrachen Hinnercher; mir hun de Modell am Fong haut nach. Jhust dat bësse Spillgezei an en etlech gro stengen Dëppe waren an den zwanzeger an den éischten drësseger Joren nach op der Éimaischen ze kréien. – Ma do huet op eemol e Lëtzebuerger Keramist, deen séng Konscht am Fong op der Fayencerie praktizéiert huet, eng Initiativ geholl, déi Gold wäärt war fir Jorzéngten, nach fir laang iwwert den zwete Krich ewech: dat war Peterse Jhang aus dem Reckendall mat séngen neien Nouspelter Péckvillercher, dat heescht mat Villercher aus echtem Nouspelter Leem. An hien huet et och guer nët dobäi gelooss; och äärde Spuerbéchsen huet hien nees op deen ale Modell gebak. Säi Beispill sollt och den Optakt gin zu enger vill méi breder Uluegt vun e puer Stack-Alstieds, déi den Emmausmäärtche wollte retten. 1937 hun si sech zesummegedin, fir der Éimaischen nees op d'Been ze hëllefen: De Comité Alstad war gegrënnt. Schons dat Jor drop kruten si eng Éimaische fäärdeg, wéi zënter Jorzéngte kee Mënsch eng erlieft hat, eng mat Éierepaarten an Truechtegruppen an Ouschterär a wat wonnesch nach alles. Si haten esouguer e Stéck Folklore ausgegruewen, dat am Lëtzebuergesche sécher schons ee Jorhonnert dout war, wann et och déi Säit der Sauer an der Musel haut nach ganz lieweg bleift; si haten e Meebam opgeriicht, mat dosenteweis Bänner a Flätschen drun. 'T war e bësse fréi am Joër duefir, well Ouschteren as 1938 op de 17ten Abrëll gefall, ma dat hat näischt ze soen. Alles war zefridden. De Comité hat awer nach eng ganz speziell Iddi, eng déi e bis haut nët méi opgin huet: dem Fest e gudden Zweck gin. Eppes ganz Apaartes feelbidden, jhust ee Jor fir deen Dag, an da lousen, fir e gutt Wierk. Déi éischte Kéier hun s'esou zu Gonschte vum Roude Kräiz hir Wuer lassgeschloen, spéider war et da fir d'Lëtzebuerger Crèche. 1938 war déi extra Wuer en Äschenteller mat enger Truechtekoppel drop, déi mat den Ouschterär geteckt huet; mam ale Lëtzebuerger Kannersproch ronderëmgeschriwwen: „D'Spëtzt fir d'Ee! Däint fiirt anzwee!" De Comité hat déi Iddi wëlle wouermaachen, zugläich fir de Geschäftsleit ze weisen, datt och e kënstleresch méi ausgeschafften Artikel sech verkeeft, wann een d'Saach richteg upéckt, an et war op deen éischte Ulaf geroden. Si si monter weidergefuer: 1939-1940 . . . a schons krut d'Éimaischen hiren zweten ellene Ku: Mir haten nees Krich.

D'Éimaische war wuel kee vun dene Gebräicher, déi riichtewech verbuede goufen, ma si huet sech missen „ëmsidele" loossen wéi souvill Leit och – zum Gléck nët wäit, bis op de Knuedeler. De Comité Alstad hat virlefeg emol fir véier Joër ausgespillt. Eréischt 1945 huet en sech nees zu Wuert gemellt mat engem Block vu Lithoën vum Jos. Probst. Dee Block hat och den Titel: „Déi éischt Éimaischen am fräie Lëtzebuerg". An zënterhier hun déi vum Comité Alstad sech nët méi gin; si haten och all Uursach derfir, zënter datt se 1946 esou en dichtege Keramiker ewéi de Léon Nosbusch konnte mat hire Wënsch bombardéieren. Am Laf vun de Jore gouf dat eng kleng Prëssessioun vun Erënnerongstelleren a Schosselen, ma och Kréi, Salzdëppen, Käärzestänner, äärde Plättercher. E Folklorist ewéi de Georg Schmitt huet sech et nët huele loosst, fir selwer eng Parti Keramiken z'entwerfen. Wien haut déi ganz Kollektioun beieneen huet, dee ka sech mengen. De Comité huet sech souguer un d'Sigillographie gin - Sigele vun eise véier Lëtzebuerger Kesere komme frësch op de Maart. 'T kënnt ee bal um Dicks säi Lidd vum Sigfridsschlass erënneren, wou et dran heescht: „Kuckt, hirer véier droen d'Kroun". Ma och déi Serie huet gezunn, grad ewéi virdrun déi vun den ale Lëtzebuerger Zonftofzeechen. 'T sin Undenken, déi sech roueg kënne weisen; d'Leit sin der Saach bis haut nach nët midd gin.

Alain Atten

Règlement concernant des mesures extraordinaires à prendre contre le danger des aviateurs par rapport à la foire appelée „Emmaüs".

Luxembourg, le 29 mars 1918.

Le Collège des Bourgmestre et Échevins de la ville de Luxembourg,

Vu les art. 25 et 39 du règlement de police en date du 3 juin 1903, concernant les foires et marchés;

Attendu que le danger des aviateurs impose aux autorités l'obligation de prévenir de grands rassemblements de personnes surtout dans les endroits où la disposition des lieux ne permettrait pas au public de se mettre à l'abri en cas d'attaque aérienne et où des paniques pourraient entraîner les conséquences les plus funestes;

Attendu qu'il y a urgence;

Vu l'art. 52 de la loi du 24 février 1843 sur l'organisation communes qui autorise les bourgmestre et échevins à faire, sans recou préalablement au conseil communal et aux conditions y mentionnées, règlements et ordonnances de police en cas d'événements imprévus, lors le moindre retard pourrait occasionner des dommages pour les habit

Arrête:

Art. 1er. La foire appelée „Emmaüs", fixée au lundi de P 1er avril 1918, n'aura pas lieu.

Il est défendu d'étaler ledit jour des marchandises et d'établ jeux sur la place du Marché-aux-Poissons et dans les rues adjace

Art. 2. Les contraventions au présent règlement seront pu peines prévues par le règlement susrappelé en date 3 juin 1903 nant les foires et marchés.

Art. 3. Le présent sera immédiatement publié et affiché